



N°8227
Entrée le 10.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.08.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/08/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.

An hirem Programm vun 2018 huet sech d'Regierung verpflichtet bei der ADEM d'Afféierung vun enger personaliséierter Betreuung fir Leit, déi op Sich no enger Aarbecht sinn anzeféieren. Dës Form vu Betreuung soll der Diversitéit vun de Leit, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, Rechnung droen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gouf déi ugekënnegt personaliséierte Betreuung bei der ADEM 2019 agefouert?
2. Wann jo, wéi gestalt sech déi ebe genannte Betreuung?
3. Wéi gëtt séchergestallt, dass de sozialen, ethneschen a reliéisen Hannergrond vun den Demandeurs d'emploi, déi bei der ADEM ageschriwwe sinn, bei der Sich no enger neier Aarbecht genügend respektéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

